

150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuerger Land

8. Deel a Schluss

Den 23. März 1944 hun déi dräi grouss Resistenzorganisatiounen, d'LPL, d'LRL an d'LVL sech zu der UNIOUN vun de lëtzebuerger Fräiheetsorganisatiounen zesummegeschloss. Eng Proklamatioun heiriwwer krut all Member vun deenen dräi Organisatiounen zougestallt.

Et gouf eng Miliz opgestallt fir no der Liberatioun, d'Polizeigewalt am ganze Land z'iwwerhuelen. Dat as och vum 10. September 1944 u geschitt. Iwwerdeems d'amerikanesch Zaldoten iwwerall mat grousser Begeeschterung gefeiert goufen, huet d'Miliz ugefaangen fir Juegd op Kollaborateuren, Matleefer a Gielemännercher ze man, déi de leschten Zuch fir "Heim ins Reich" verpasst haten. Et war och hei wéi iwwerall: Déi déck Parteibonzen waren ugedréckt, an déi kleng Matleefer goufe gefaang an zu honnerten an de Prisong am Stadgronn ageliwwert. Et gouf nët zëmperlech mat en ëmgang. D'Fraleit, déi sech mat de Preisen agelooss haten, kruten de Kapp geschuer! Verständlecherweis war d'Roserei am Vollek grouss. Ma deemols si Saache geschitt, déi an engem Rechtsstaat ni hätten dürfen ze geschéien!

Ganz oft huet d'Miliz selwer Justiz gespillt an déi verhaft Gielemännercher verhéiert. D'Saach huet muenchmol net nëmme geféierlech no Lynchjustiz ausgekuckt ma et ass och Lynchjustiz op verschidde Plazen am Land geschitt! Et sin op d'mannst 4 Fäll vu Lynchjustiz bekannt. An der éischter Roserei goufen den 10. an den 11. September 1944 4 Collaborateuren einfach erschoss! Anerer goufe gebeetscht, an net ze knapp. D'Saach huet dermoossen Ausmoossen ugeholl, datt d'Lëtzebuerger Wort et fir richtig fonnt huet, fir a senger Nummer vum 12. September 1944, esouguer op der Titelsäit, ënnert der Iwwerschrëft "Mass halten! Die Ehre des Landes muss ohne Makel bleiben", een Artikel doriwwer ze publizéieren.

D'Collaboratioun zu Lëtzebuerg as ee Kapitel fir sech a soll och weider net am Kader vun dëser Artikelserie ënnersicht gin. Ma et kann een awer roueg behaupten, datt trotz dem scheinbaren Erfolleg vun der V.d.B. (Volksdeutsche Bewegung) d'Collaboratioun zu Lëtzebuerg net méi grouss war wéi an eise Nopeschlänner Belgien a Frankräich.

De Vichy-Regime a Frankräich hat esouguer eng ganz Divisioun vu Fräiwelleger op d'Bee bruecht fir a Russland géint de Kommunismus ze kämpfen. Et war d'SS-Divisioun "CHARLEMAGNE" oder wéinst der bloer Uniform och "Division Bleue" genannt. Um lénken Arem haten déi fräiwelleg franséisch Zaldoten ee blo-wäiss-roude Wopen mat der Opschrëft, "Division Charlemagne" opgebitzt. Um preiseschen Helm war déi eng Säit de blo-wäiss-roude Wopen, an op der anerer Säit d'SS-Zeechen opgemolt.

A Belgien war et de Léon Degrelle mat senger Rexisten, déi ganz héich op Nazidäitschland gesat haten.

Wéi d'Regierung den 23. September 1944 aus dem Londoner Exil ëremkoom, huet de Justizminister der Miliz d'Polizeigewalt ewech geholl fir een neie Gendarmerie a Polizeicorps an d'Plaz ze setzen. Dat huet zu éischte Reiwereien tëschent der Unioun an der Regierung geféiert. De Justizapparat as lues awer secher op Ture komm fir déi grouss Epuratiounsaktioun am Grand-Duché ulafen ze loossen. Déi éischt Geriichtsuurtelen si streng ausgefall. 13 Doudesuurtelen fir Landesverrot goufe verhaang, dovunner goufen der 9 exécutéiert. Am ganze

goufen 2.272 Uurtelen wéinst Landesverrot gesprach, dat vun der Doudesstrof iwwer Prisong bis lieweslänglech Zwangsaarbecht (23 Fäll). Déi Veruurtelt, déi nët exécutéiert goufen, sin alleguer, am Laf vun de Jore begnodegt gin, dat besonnesch nom Amnestigesetz vum 12. Januar 1955. Iwwregens gouf keen eenzege vun de preisesche Krichsverbrieche, déi hei zu Lëtzebuerg zum Doud veruurtelt goufen, exécutéiert.

Esou z.B. den Dr. Fritz Hartmann, vu März 1941 bis Abrëll 1943 de schlëmme Chef vun der Gestapo zu Lëtzebuerg, deen Hinzert masseweis mat Lëtzebuerger bevölkert huet an honnerte vu lëtzebuerger Patrioten um Gewëssen hat, gouf am Februar 1951 zum Doud condemnéiert. Duerno gouf e begnodegt an den 19. Dezember 1957 zu Waasserbëlleg iwwert d'Bréck gesat, vu wou aus en d'Heemrees op Düsseldorf ugetratt huet, fir do mat senger Famill Chrëschttag ze feieren! En hat esouguer de Culot, fir sech bei internationalen Organismen iwwert de Capitän Max Brahms ze beschwéieren! De Capitän Max Brahms war dee schlëmme Kadett 1946, mat zwee Gendarmen op Münche siche gefuer, wou e vun den Amerikaner als Krichsverbrieche verhaft gi war fir no Lëtzebuerg ausgeliewert ze gin.

Wann den 10. September 1944 d'Fräiheetssonn zu Lëtzebuerg ërem opgaang as, da war domat d'Leed an der Heemecht nach laang net eriwwer. Ongewëss war nach d'Schicksal vu ronn 15.600 Lëtzebuerger déi vun de Preise verschleeft gi waren. Et gouf zu Lëtzebuerg kaum eng Famill, déi net ëm ee Jong, ee Papp, ee Mann oder ëm eng ëmgesiddelt Famill gebaangt hätt.

Awer och heiheem si bis Krichsenn nach schlëmm Sache geschitt. Eng ganz schlëmm Geschicht ass den 22. September 1944 zu Kalber an der Hengeschter Gemeng geschitt. Kalber, vis-à-vis vum Westwall am Preiseschen, war zu där Zäit "No-man's land". Deen Dag huet ee preisesche "Spährupp" säin Onwiesen zu Kalber gedriwwen. An aller Herrgottsfréi goufen d'Männer déi am Duerf bliwwen waren fir d'Vei ze fidden, am Haff vun engem Bauerenhaus zesummedriwwen. D'Häiser goufen duerchsicht. An engem Keller gouf een alt raschtegt Gewier fonnt. Dat ass dem bluttjonge Leutnant vum "Spährupp" duergaang fir, op der Plaz, déi 7 zesummedriwwen Männer, dorënner 4 Bridder, erschéissen ze loossen. Eng Kapell erënnert haut un dat Verbiechen wat den 22. September 1944 zu Kalber geschitt as.

Neit Leed a vill Misär huet d'Rundstedtoffensiv iwwert de Norde vum Land bruecht. An engem leschte Verzweiflungscoup sin dem Hitler seng Divisounen de 16. Dezember 1944, vu 5.30 Auer un, aus der Siegfriedlinn eraus ausgebrach, fir duerch d'Ardennen a Richtung Antwerpen ze marschéieren.

Si koumen net wäit, ma dee Coup war duergaang, fir eis schéin éislécker Diefer ze zerstéieren. Déi meescht Leit hun alles am Stach gelooss a si virun de Preise fortgelaaf.

Dem Generol Patton seng 3. Arméi, déi am Saargebitt an am Lothrengeschen, an der Géigend vu Metz, statioéiert war, gouf vum 20. Dezember un, an engem Gewaltmarsch (natiirlech 100%-teg motoriséiert), queesch duerch de Süde vun eisem Land, an engem rasanten Tempo a Bewegung gesat! Den 20. Dezember, owes schon, waren déi éischt amerikanesch Truppen zu Eischen ukomm an hun um Héichtereck tëschent Eischen an dem Schweecherdall eng Stellung vu schwéierer a schwéierster Artillerie opgestallt fir a Richtung Norden ze balleren. Den 21. Dezember huet de Generol Patton säin Hauptquartéier an der Fondatioun Pescatore zu Lëtzebuerg opgeschloen an den 22. Dezember as d'Géigenoffensiv lassgaang.

Et war héich Zäit! Bis zu deem Zäitpunkt hat d'Wehrmacht, an der Südflank vun der Front, sech bis op Groussbus virgeschafft, dat mat enger Spëtzt bis an d'Schankegriecht, jhust virun dem Prëtzerdall. An enger onwahrscheinlech haarder Schluecht, déi bis Enn Januar gedauert huet, hun d'Amerikaner een éislécker Duerf nom aneren zrëckeruewert.

Den 13. Februar 1945 hun d'Amerikaner Veianen zréckeruewert. Hei war och déi Veianer Miliz am Frontasatz an hat Menscheliewen a Blesséierter ze bekloen. Op der Ennersauer, hun d'Preise sech eréischt de 16. Februar aus Bur a Waasserbëlleg op déi aner Sait vum der Sauer zréckgezun. Awer schon an der Nuecht vum 6. op de 7. Februar 1945 hun d'Amerikaner, tèschent lechternach an der Weilerbaach versicht, fir bei Héichwaasser iwwer d'Sauer ze setzen, d.h. direkt vis-à-vis vum der Siegfriedlinn. Zu honnerte sin déi arem amerikanesch d'Zaldoten bei deem Manöver an der Sauer erdrunk oder goufe vu wëllem preisesche Maschinengewierfeier an hire Motor- a Sturmbooten niddergemetzelt. Trotz deenen onwahrscheinlech héige Verloschter hun d'Amerikaner sech net gin.

Et huet bis den 9. Februar gedauert, bis d'Bunkeren vum Westwall, déi aner Sait vum der Sauer, neutraliséiert an ausgeschalt waren. Domat war eng Bresch an de Westwall geschloën. Masseg sin d'Amerikaner duerch déi Bresch an Däitschland agefall. Den 19. September hun d'Amerikaner och nach bei Nennig iwwert d'Musel iwvergesat. Mat deenen Aktiounen gouf de Schluss vum Krich am Westen agelaut. 10 Woche méi spéit war et esou wäit!

Vum halwen Oktober 1944 un, sin d'V1-Waffen (V steet fir Vergeltungswaffe) iwwer Lëtzebuerg ewech a Richtung England gedonnert. Bis de 15. Januar sin 20 V1-Rakéiten iwwer lëtzebuergeschem Gebitt erof gefall, woubäi et och Doudeger a Blesséierter gi sin. Den 3. November 1944 ass esou eng V1 op der Gewan zu Schandel erofgefall (ouni ee Mensch ze blesséieren). Ma am Kader vum der Rundstedtoffensiv hat d'Stad Lëtzebuerg nach een extraë Privileg: vum 31. Dezember un gouf d'Stad mat V3-Granate beschoss. Am Ufank wousst kee Mensch wou déi Granaten hir kéimen a wat et war, well d'Stad war aus dem Beräich vum der normaler preisescher Artillerie eraus. Een Dag iwwert deen aneren, entweder owes spéit oder muerges fréi sin, iwwer dem Gebitt vum der Stad, där Granaten niddergaang. Ee Volltreffer hat d'Kongregationsschoul (bei der protestantescher Kiirch) matkritt. Hei ware verschleefte russesch Friemaarbechter ënnerbruecht. Si koumen all ëm d'Liewen. Bei der ganzer Schéisserei si 17 Menschen ëm d'Liewe komm (dorënner, ausser de Russen, och Lëtzebuerger an amerikanesch Zaldoten). 52 Leit goufe méi oder wéiniger schwéier blesséiert. Eréischt, wéi d'Amerikaner eppes méi wäit an Däitschland amarschéiert waren, huet déi Schéisserei op ee Schlag opgehéiert. Wéi d'Amerikaner du weider an Däitschland agedronge sin, hu se eng nei, bis dohinn onbekannt preisesch Waff entdeckt. Et war eng Kanoun mat engem onwahrscheinlech laange Rouer vu 15 cm Duerchmiesser, dee masseg vill Seitekummenen fir zousätzlech Polverladungen hat. D'Preisen hun déi nei Kanoun "Hochdruckpumpe" genannt a si war gebaut gin, fir aus dem Atlantikwall eraus op London ze schéissen. D'Ofschossrampe ware scho gebaut, ma d'Kanouneréier mat Längte vum 130 m, waren nach net montéiert. Duerfir haten d'Preisen, an der Géigend vum Hermeskeil, eng nei Ofschossramp opgeriicht. Aus engem Kanounerouer dee 60 m laang war, hu si am Wanter 1944/45 d'Stad Lëtzebuerg beschoss! Anstatt London krut dun d'Stad Lëtzebuerg de Privileg, fir méintlaang vum enger V3-Kanoun beschoss ze gin.

Duerch Arrêté grand-ducal vum 30. November 1944 gouf den obligatoresche Militärdéngscht zu Lëtzebuerg ageféiert.

Enn März 1945 gouf eng Kompanie vu Fräiwellegen op d'Bee gestallt, fir d'Grande-Duchesse, déi de 14. Abrëll 1945 zréckkoum, mat militäreschen Eiren z'empfanke. D'Garde war gebuer! Ma dat déckt Enn koum no. Op Grond vum Arrêté grand-ducal vum 30. November 1944 sollten 2 Bataillounen (ronn 1000 Mann pro Batailloun) opgestallt gin. Wou déi Zaldoten hierhuelen? Ufanks Juli 1945 goufen d'Joergäng 1925 a 1926 agezun. Dat ware Joergäng déi scho bei de Preisen agezu waren an onwahrscheinlech vill Verloschter haten, well déi meescht vum hinnen nom RAD, ouni Heem ze kommen (an domat keng Geleenheet hate fir ze verschwannen) direkt an d>Wehrmacht gestach goufen an no enger kuerzer Ausbildung un d'Front koumen). Esou séier wéi déi Jongen aus der Gefaangeschaft ërem heem koumen, goufen se fir d'Lëtzebuerger Arméi

gemustert a wa se net blesséiert oder krank waren, ërem direkt an ee Batailloun vun der Arméi gestach, fir do nach ee ganzt Joer ze brummen!

Ma déi arem Jongen hun näischt aneshtes kannst wéi follegen, de preiseschen Drill soutz hinnen nach an de Glidder! Ma den engleschen Drill, no deem se elo geschlaft goufen, stong deem preiseschen net fir een décke Su no! Wann haut esou eppes géng geschéien, da géif eng Revolutioun am Land entstoën.

Dat 1. Batailloun war zu Walfer, an dat 2. Batailloun zu Diddeleng stationéiert. Den 11. November 1945 huet dat 2. Batailloun de Krees Bibrech (Bitburg) besat an den 13. November as een Deel vum 1. Batailloun an de Krees Saarburg amarschéiert. Vum 1. Batailloun goufen 3 Kompanien an der preisescher Kasär aus der Hitlerzäit zu Bibrech an eng Kompanie an der Neierbuerg logéiert. Am Krees Saarburg war eng Kompanie vum 1. Batailloun zu Perl an eng aner zu Tawern stationéiert. Ee Peloton war op Kastel ofkommandéiert, fir do de Jhang de Blannen ze bewaachen bis en den 25. August 1946 ërem zréck op Lëtzebuerg bruecht gouf.

Een Ausseposten nom anere gouf opgeléist. Zum Schluss blouf nach dat 2. Batailloun zu Bibrech fir am Summer 1955 an déi nei Kasären op Dikrech verluecht ze gin. Duerch Gesetz vum 22. Juni 1967 gouf den obligatoresche Militärdéngst ofgeschaf. Bis dohin haten 34.778 jong Lëtzebuerger eis Arméi erliewt. Besonnesch an der éischter Zäit zu Bibrech muss et héich erofgaange sin. Et heescht, datt Preisen, déi zu Bibrech de lëtzebuerger Fändel an der Entrée vun den Kasären net gegréisst hätten, mat Gewalt zréckgepaff gi wäeren, ee Fouss hannebäi gedreht kruten, ërem nei hu missen untrieden, awer déi Kéier hu se sech missen, mat dem Hutt am Grapp, virum Fändel vernäipen! Awer och de Kaffisschmuggel stong héich an der Bléi. Fir Kaffi krut een déi Zäit alles an Däitschland ze kafen. Esou war et net verwonnerlech, datt zu Waasserbëlleg, op der Bréck, kee méi stramm vum Zoll kontrolléiert gouf wéi d'lëtzebuerger Zaldoten.

De 14. Abrëll 1945, d.h. 22 Deeg viru Krichsenn, hun d'Amerikaner d'Grande-Duchesse Charlotte ërem heem bruecht. De Generol Eisenhower hat der Grande-Duchesse den "Airforce One", dat war säi perséinlechen Arméifliiger, fir d'Heemrees iwwerlooss. D'Grande-Duchesse Charlotte gouf mat grousser Freed a Begeeschterung vun zéngtausende vu Leit an der Stad begréisst.

8. Mee 1945. Fridden. Endlech Fridden! D'Preisen hate kapituléiert an dat ouni Conditionen! Am ganze Land hun d'Klacke gelaut. D'Freed war iwwerall ausser der Mooss grouss. Den Auteur vun dëser Artikelsuite huet et erliewt, wéi an der Stad d'Stroossen iwwervoll vu Mensechen waren. Leit déi séch net kannt hun sin openaner zougang an hu sech, mat Tréinen an den Aen, d'Hand gedréckt. D'Freed huet sech regelrecht gesteigert. "Une foule en liesse" soen d'Fransousen heifir. Jong Leit hun ugefaang sech d'Ärm anzekrempen, an ee Cortège ze forméieren. Patriotesch Lidder goufe gesongen. Jidfereen deen entgéintkoum huet sech dem Cortège ugeschloss an huet matgemaach. Esou koum et, datt dausende vu Mensechen, an engem groussen Cortège, am Zentrum vun der Stad, bis an d'Nuecht era gedantz a gesongen hun. Dat sin Erliewnesser, déi een net vergësst! D'Militärmusék an déi nei Arméi hun owes ee Faakelzuch an der Stad organiséiert.

Vum Abrëll 1945 u koumen déi éischt KZ-ler, déi iwwerliewt haten, ërem. Wochen a Méint no Krichsenn koume lues a lues d'Emsiddler nees heem. D'amerikanesch Arméi huet Transporter organiséiert fir déi verschleefte Leit heem ze bréngen. Drëpseweis koumen d'Jongen aus der Wehrmacht an aus alliiéierte Gefaangenelageren, souwäit se iwwerliewt haten, zréck, vill vun hinne mat Wonnen u Leif a Séil. An der Piquetsschoul, vis-à-vis vun der Post an der Stad, war ee groussen "Centre d'accueil" ageriicht gin.

Do kruten d'Leit, wa se ukoumen, fir d'éischt eng waarm Zopp zerwéiert a goufen dann mat deem Noutwendegste versuergt. Hei goufen se och vun hirer Familljen oder vu Frënn ofgeholl. Zeene vu

grousser Freed, awer och vu grousssem Leed konnt een hei gesin. Tréine vu Freed a vun Emotioun si gefloss. De Schreiwier vun dësen Zeilen huet erliewt, wéi ee Jong, an der Wehrmachtsuniform, séngem Papp ëm den Hals gefall as a vun Emotioun esou geschluckst huet, datt en iwwerhaupt net méi zou sech koum! Tréine vu Leed si gefloss, wann eng Familljen op ee gewaart huet a si gouf da gewuer, datt deen, op dee se gewaart hun, ni méi ëremkéim!

Ee leschte grousse Sammeltransport mat ronn 800 Jongen aus dem Lager Tambow a Russland as eréischt de 5. November 1944 op der Gare zu Lëtzebuerg ukomm. Nach haut as d'Fro nach ëmmer net beäntwert: firwat eréischt 5 Méint no Krichsenn?

Nodeems d'Regierung der Miliz d'Polizeigewalt ewech geholl hat, sin d'Reiweren tëschent der Unioun an der Regierung ëmmer méi grouss gin. An der Zeitung vun der Unioun vun de Resistenzorganisatiounen, déi och "UNIO'N" geheescht huet, as d'Exilregierung, déi nach ëmmer um Rudder war (an den Nopeschlänner hun d'Exilregierungen direkt no der Liberatioun démissionéiert), ëmmer méi oft attaquéiert gin. Esou kann een an der "UNIO'N" vum 15. Februar 1944 liesen: "Alles Unglück das zustossen kann, hat immer die gleiche Ursache: die Regierung." An der selwechter Zeitung vum 20. Februar manifestéiert d'Unioun hiren Désaccord mat der Regierung op de Gebitter vun der Epuratioun, de Finanzen an der Wirtschaft. An der Editioun vum 24. Februar kann een dës Annonce liesen: "Wir teilen all unseren Sektionen mit, dass die Union bis auf weiteres aufgehört hat mit der Regierung zusammen zu arbeiten".

Den 9. Mee 1945, een Dag no der preisescher Kapitulation, war eng grouss "Siegesparad" zu Lëtzebuerg mat amerikaneschen, franséischen a belsche Formatiounen. Eis nei Arméi huet de Militärdéfilé ugeféiert.

Um 5. Joresdag vun der preisescher Invasioun, hat d'Unioun vun de Resistenzorganisatiounen ee groussen Défilé an der Stad organiséiert un deem tëschent 13.000 a 15.000 Menschen aus dem ganze Land deelgeholl hun. Domat hat d'Unioun hir Stärkt manifestéiert an huet net nogelooss, fir d'Regierung weider ze kritiséieren. Den 21. Oktober 1945 ass du endlech nei gewielt gin. D'Unioun huet eng eege Partei ënnert dem Numm "Groupement patriotique et démocratique" op d'Bee gesat. Aus dem "Groupement" as spéider d'Demokratesch Partei (DP) entstan. D'Rechtspartei vu virum Krich as ënnert deem neie Numm "Chrëschtlechsozial Vollékspartei" (CSV) an d'Wale gaang an huet d'Walen mat 41,41 % vun de Stëmme gewonnen (25 Sätz vu 55). D'Aarbechterpartei krut mat 25,96 % 11 Sätz (virum Krich 18 Sätz), de Groupement mat 16,74 % 9 Sätz an d'Kommunisten si mat 5 Deputéierten (13,61 % vun de Stëmmen) an d'Chamber agezun. Den 18. November hun déi al Ministeren Dupong a Bech déi nei Regierung vun der "Nationaler Unioun" virgestallt: 4 CSV-Leit, 2 Sozialisten, 2 Groupement'sleit an 1 Kommunist hun déi nei Regierungsequipe forméiert. Déi Regierung huet bis 1947 gedauert. Domat war all parlamentaresch Oppositioun an der Chamber ausgeschalt wat dozou geféiert huet, datt sech lues a lues eng ausserparlamentaresch Oppositioun forméiert huet. Ee grousse Géigner vun der Regierungspolitik war den Albert Wingert, Politiker a Schoulmeeschter zu Scheffläng. Den Albert Wingert, zu Holtz gebuer, war Resistenzler vun der éischter Stonn a vun 1942 un am KZ (zu Hinzert hat hien dee gefaarten SS-Oberscharführer Schaaf, genannt "Ivan der Schreckliche" zesummegeeschloën, wat em op een Hoër d'Liewe kascht hat). Nom Krich war den Albert Wingert Attaché an der Regierungsverwaltung an huet eng eegen Zeitung eraus gin.

Anscheinend hun e puer Ministeren déi ausserparlamentaresch Oppositioun schlecht verdroën. Am ganze Land sin op eng Kéier, verdéngschtvoll Resistenzler vun der Süreté iwwerwaacht gin. Dat ganz Land as den 2. August erschreckt wéi et op eng Kéier geheescht huet: "Putsch" zu Lëtzebuerg! Wat war geschitt? Muerges ëm 5 Auer sin deen Dag den Albert Wingert a 4 verdéngschtvoll Offizéier verhaft gin. Et waren dat:

- de Majouer Rudy Ensch aus dem Stadgronn gebiirteg, St-Cyrien a virum Krich Offizéier an der Friemelegioun. Am Krich war hien an Nordafrika géint dem Rommel sän Afrikacorps am Asatz an

as do schwéier blesséiert gin. E gouf gefaang, ma a Frankräich konnt hien undrécken fir ërem zréck an Nordafrika bei séng Eenheet ze kommen. Am Oktober 1943 gouf hie lëtzebuergesche Verbindungsoffizéier bei den Alliéierten zu London a kouw den 11. September 1944 a spezieller Missioun op Lëtzebuerg zréck. Spéider gouf de Rudy Enschede Chef vum 2. Bataillon vun der neier Armée.

- de Lieutenant Emile Krieps vun Déifferdeng gebiirteg,
- de Lieutenant Jean (gen. Butz) Juttel an
- de Lieutenant Robert Winter, allen zwee vun Dikrech gebiirteg.

Si waren allen 3 Resistenzler vun der éischter Stonn. Den Emile Krieps koum schon am November 1941 op Hinzert a war do 6 Méint internéiert. Et waren 3 jonk Leit, déi décidéiert waren op englescher Säit géint Däitschland an de Krich ze goen. 1941 an 1942 hu si sech a verschidde Gruppen ënnert deene schwierigsten Emstänn an ënnert Liewensgefor duerch Frankräich, iwwert d'Pyrenäen bis a Spuenien duerchgeschloen, wou se alleguer, fir d'éischt dem Franco séng Prisong kenne geléiert hun an duerno méintlaang an deem berühmte berüchtigten spuenesche Konzentrationslager Miranda internéiert waren, fir schlussendlech dach nach, 18 Méint méi spéit, an England unzekommen. Si hu sech fräiwelleg an d'englesch Armée gemellt a kruten eng Offiziersausbildung. Allen 3 waren se am Krichsasatz.

Dat waren d'Leit déi den 2. August 1946 muerges ëm 5 Auer vun der Sûreté verhaft goufen! D'Sûreté ass zimmlech stramm mat deene verhaftete Leit ëmgaang. Den Albert Wingert koum an de Prisong an isoléiert Untersuchungshaft a war 10 Deeg laang agespaart. Déi 4 Offizéier goufe getrennt an d'Kajitercher vun de Gendarmeriestationnen Cap, Miersch, Munneref a Réimech agelacht. Si goufen am Laf vum Dag dem Ennersichungsrichter (juge d'instruction) zu Lëtzebuerg virgefouert, ma gläich drop ërem op fräie Fouss gesat, well deene 4 Offizéier näischt vun engem Putsch konnt nogewise gin! Dat huet awer net verhënnert, datt se suspendéiert goufen. Den 30. Oktober 1946 huet de Parquet vum Tribunal zu Lëtzebuerg een "Non-lieu" an der ganzer Affär gesprach! Virdrun awer schon war de Rudy Enschede, hien hat virum Krich d'franséisch Nationalitéit ugeholl, fristlos aus der Armée entlooss gin. Well hien duerno laang kee geséichert Akommes hat fir seng Familljen iwwert d'Ronnen ze kréien, ass hie moralesch gebrach, fréizäiteg am Alter vu 55 Joër gestuerwen.

De Butz Juttel war esou dégoûtéiert, datt hie seng Démissioun agereecht huet an duerno eng nei Carrière am belsche Kongo opgebaut huet. De Robert Winter an den Emile Krieps hu Carrièren an der Armée gemaach bis d'Armée ofgeschaaf gouf. De Robert Winter war esouguer Chef vun der Armée gin an den Emile Kripes, dee spéider Politik gemaach huet an haut nach Politiker ass, hat et esouguer bis zum Arméiminister bruecht!

Wat war geschitt a wat war wouer un der "Putschaffär"? Tatsaach ass, datt d'Dossier'en vun der Affär zënter dem November 1946 u verschwonne sin! De Victor Bodson war deemols Justizminister (ee Minister aus der Exilregierung). Den Historiker a Geschichtsprofessor Gilbert Trausch mengt a séngem Buch "Joseph Bech, un homme dans son siècle", de "Komplott vum August 1946 hätt een Ufank vu Realitéit gehaat. Eng ganz aner Meenung vertritt awer de Journalist Henri Koch-Kent a séngem Buch "Putsch in Luxemburg? - Ein Schildebüchereistreich". Op Grond vun Aussoën an Nofuerschungen versicht den Henri Koch-Kent nozeweisen, datt d'Putschgeschicht vum deemolegen Ausseminister Jos. Bech inzéenéiert gi war, fir Leit aus de Féiss ze schaafen, déi der deemoleger Regierung onkammoud gi waren. Mat Ausnam vum Albert Wingert waren et lauter Leit déi am Krich an England waren! Esou wéi, joerzénge méi spéit, mer ni richteg gewuer gi sin wat an der "Joerhonnertaffär" gelaaf as an och iwwer de "Bommelée" nach ëmmer näischt richtiges wëssen, esou war et d'selwecht 1946 mat der Putschaffär! Et schéngt et ass net gutt, wann de Bierger alles gewuer get!

Eng besonnesch Zort vun Éier krut Lëtzebuerg wéi vum Juli 1946 un d'Nazibonzen Göring, Papen, Ribbentrop, Neurath, Dönitz, Jodl, Seys-Inquart, Ley, Streicher, Rosenberg, Frick, Keitel,

Frank, zu Munneref internéiert goufen. Et war ee Journalist vun der franséischer Zeitung "France-Soir" deen den 18. Juli en Artikel mam Titel "J'ai découvert la "prison" de Göring, Pape, Ribbentrop etc. - c'est le plus luxueux Hôtel de Mondorf, station d'été luxembourgeoise !" geschriwwen huet. Et war de Palace-Hotel zu Munneref (e besteet haut net méi). Hei goufen d'Nazibonze verhéiert bis se den 20. November 1945 zu Nürnberg virun een internationale Krichsribunal gestallt goufen. An deem Kontext ass et interessant ze wëssen, datt bei deene Leit, déi d'Nazibonzen zu Munneref verhéiert hun, och ee jonken amerikaneschen Offizéier war, deen John E. Dolibois geheescht huet. De John E. Dolibois koom 1918 zu Bouneweg op d'Welt an ass 1931 mat senger Elteren no Amerika ausgewandert. Vun 1981 bis 1985 war hien amerikanesche Botschafter hei zu Lëtzebuerg. Och nach haut schwetzt hien d'Lëtzebuergesch, séng "Mammesprooch" wéi hie seet, grad ewéi mir! Den 1. Februar 1946 huet, am Zeistand vum internationalen Tribunal zu Nürnberg, den deemolege Chamberpresident Emile Reuter, fir Lëtzebuerg ausgesot.

Eng wiirklech grouss Eier awer ass eisem Land widderfuer, wéi de 14. Juli 1946 de Winston Churchill fir en etlech Deeg op Lëtzebuerg op Besuch koom. Hien hat de Krich gewonnen, ma déi éischt Walen nom Krich hat séng Partei an domat hie verluer. Obschon hien wäitop déi meescht Stëmme hat, konnt de Winston Churchill, no den demokratesche Spillregelen, nët méi Premier gin. Esou koom, hien, a Begleedung vu senger Duechter Mary, als Privatmann op Lëtzebuerg. Dat war eng grouss Unerkennung fir eist Land. Seelen hat d'Stad Lëtzebuerg esou ee Menschenoplaf gesin fir een auslännesche Gaascht ze begréissen. Déi puer Deeg déi de Winston Churchill zu Lëtzebuerg verbruecht huet, hun hien a séng Duechter am Palais gewunnt. Entweder an openem Auto oder awer zu Fouss ass hien, duerch d'Menschmassen, vun enger Réception op déi aner geleet gin. Iwwerall wou e sech gewissen huet, as ee Sturm vu Begeeschterung ausgebrach. Mat senger berühmte V-Zeechen a mat senger net manner berühmter Zigar an der Hand huet en d'Leit zréckgegréisst.

Schon den 23. Februar 1945 gouf duerch een Arrêté Grand-ducal ee « Commissaire général à la reconstruction » agesat. En etlech Méint méi spéit huet de Rekonstruktiouns-Commissaire de Bilan vun de Schied virgeluegt: D'Halschecht vu 600 Dierfer as zerstéiert. Uertschafte wéi Berel, Tarchamps, Bungeref si komplett zerstéiert! Dikrech an Ettelbréck sin deelweis verbrannt. Zu lechternach huet et schro ausgesinn, d'Basilika war gesprengt gin. Klierf a Gréiwemaacher hu schwéier ënnert Bommenugréffer gelidden. 4000 Menschen hu misse provisoresch a Baraken ënnerbruecht gin, déi vun der ARBED an den Eislécker Dierfer opgeriicht goufen. D'Stolindustrie aus dem Süde vum Land hat 1300 Arbechter an den Norden delegéiert fir an deenen zerstéierten Dierfer opzeraumen an fir déi éischt Reparaturen ze man. Esouguer d'Schweiz hat en etlech Equipen vun Handwierker mat Baumaschinen zur Verfügung gestallt fir beim Opraumen a beim Opbauen ze hëllefen. Déi Schweizer Hëllef as ënnert dem Numm "DON SUISSE" gelaf. An enger grousser nationaler Solidaritätsaktioun sin an deenen éischte Nokrichsjoren déi zerstéiert Uertschaften ërem opgebaut gin. D'Architekten an d'Entrepreneuren aus dem ganze Land hate jorelaang hir Beschäftigung mat der Rekonstruktioun.

Ee lescht Kapitel an eiser jéngster Geschicht muss awer och nach ernimmt gin: et ass de Schumanplang. Well mat dem Schumanplang as nët nëmmen ee neit Kapitel fir Lëtzebuerg, ma fir ganz Westeuropa ugaang! D'Iddi vum Schumanplang hat de Fransous Jean Monnet. De Grondgedanken dobäi war d'Kuelen, d'Eisen an de Stol aus der respektiver nationaler Gewalt vun Däitschland a Frankräich erauszehuelen fir déi Wueren dann zollfräi ënnert een Hutt ze bréngen an domat d'Grondstoffer fir déi respektiv national Rüstungsindustrien aus dem Ruhrgebitt, dem Saarland an aus dem Lothréngeschen ënner Kontroll ze kréien. Den Hannergedanken dobäi war fir een neie Krich tëschent Däitschland a Frankräich ze verhënneren. Aner Nopeschlänner krite d'Méiglechkeet fir sech der "Montanunioun" unzeschléissen. Dat waren dem Jean Monnet séng Gedanken zu Enn vun deene véierziger Joeren déi en 1950 a senger Rapport un d'franséisch Regierung folgendermoossen formuléiert huet: "Duerch Zesummeléeë vun de Grondprodukten

(Kuelen, Eisen a Stol) an der Aariichtung vun enger supranationaler Héiger Autoritéit, däer hir Décisiounen fir Frankräich, Däitschland a fir déi aner Länner déi sech och nach wëllen uschléissen, obligatoresch sin, get d'Basis fir eng europäesch Föderatioun geschaf, ouni déi et net geet fir de Friden a spéidere Joren secher ze stellen." Et war den deemolege franséischen Ausseminister Robert Schuman deen déi Iddi mat Begeeschterung opgegraff huet an se international, d.h. a Westeuropa un de Mann bruecht huet. D'Engländer hun d'Idee gutt font, ma wéi et driwwer hir gaang ass, wollte si näischt vun hirer Souveränitéit un ee supranationale Gremium ofgin. Awer och den de Gaulle, deen déizäit net um Pouvoir war, wollt näischt vun dem internationale "Mischmasch" vu Kuelen a Stol wëssen!

Den 20. Juni 1950 hat de Robert Schuman eng éischt Konferenz vun "deene Sechs" zu Paräis ageruff an den 19. März 1951 gouf den Accord vun den Delegatiounschefen aus Westdäitschland, Frankräich, Italien, Belgien, Holland a Lëtzebuerg am Quai d'Orsay zu Paräis paraphéiert. Nodeem de Kontrakt fir d'éischt vun deene sechs respektiven nationale Parlamenten ratifizéiert gi war, huet de Robert Schuman, den 23. Juli 1952 séng Ministerkollegen, déi Hären Adenauer, de Gasperi, Van Zeeland, Stikker a Bech zu Paräis empfaang fir iwwert d'Organisatioun an d'Fonctionnement vun deenen neien Institutiounen ze beroden. Awer och de Sëtz vun der neier supranationaler Autoritéit sollt bei där Geléenheet bestëmmt gin. Et sollt spéider d'Haptstad vun deem neien Europa gin. Awer do sin d'Iddien an d'Iwwerlëunge wäit ausenaner gaang! Frankräich huet fir Strossbuerg plädéiert, Belgien fir Léck an d'Hollänner hätten déi nei Institutiounen gären zu Den Haag gehat. Esouguer Saarbrécken an Turin stongen zur Diskussioun. Vu Bréissel war drolecherweis nët rieds! 18 Stonnen huet dat Gekrempels gedauert ouni, datt eppes dobäi eraus koom. Wéi dun deen aneren Dag, muerge es en 3 Auer nach näischt Konkretes um Dësch loug an all Mensch ugefaangen huet midd ze gin, huet de lëtzebuergeschen Ausseminister Bech, dee bis dohin net matgemëscht hat, op eng Kéier gesot: D'Aarbecht vun deenen neien Institutiounen soll direkt zu Lëtzebuerg ugoen, fir da spéider an aller Rou iwwert de Problem vum Sëtz nozedenken. All Mensch war mat dem Jos. Bech sénger Proposition d'accord an esou koom et, datt Lëtzebuerg virleefeg de Sëtz vum Schumanplang (Montanunioun) gouf. Déi weider Entwécklung kenne mer. Aus der Montanunioun (CECA = Communauté Européenne du Charbon et de l'Acier) ass d'EWG (Europäesch Wirtschaftsgemeinschaft) entstan - an doraus d'EG (Europäisch Gemeinschaft). Virun äis steet d'Randifizéierung vun deem ganz rezenten "Traité de Maastricht". Aus deene 6 vun 1951/52 sin et der bis haut 12 gin, an et si se nach nët all! Eisteräich an d'Schweiz sti virun der Dir fir eragelooss ze gin.

Iwwert d'Persoun vum Robert Schuman bleiwt ze soën, datt hien den 29. Juni 1886, als Jong vu lothréngeschen Elteren zu Lëtzebuerg/Clausen op d'Welt koom, zu Clausen an d'Primärschoul gong, an duerno zu Lëtzebuerg am Kolléisch war, ir en an Däitschland an a Frankräich Affekot studéiert huet. Wéi e séng Studië fäerdeg hat, huet hie sech zu Metz als Affekot néiergelooss. Am 1. Weltkrich war de Robert Schuman als Lothrénger däitschen Zaldot. Nom Krich, wéi Lothréngen ërem u Frankräich koom, war hie vun 1919 - 1940 als Députéierten vum "Département Moselle" am Parlament zu Paräis. Nom Krich war en a verschidde Regierungen an esouguer Ministerpresident (1947 - 1948). Séng gréisst Verdéngschter huet en sech awer als Ausseminister zougeluegt (1948 - 1953). Besonnesch vill Wert huet en op d'Verständegung tëschent Frankräich an Däitschland geluegt, wat him och gelongen ass. Als Lothrénger zu Lëtzebuerg opgewues, duerno preiseschen Zaldot a spéider franséische Politiker, an nët der mannster een, war hie gutt placéiert fir ze wëssen ëm wat et géng goen! Lëtzebuerg war séng zweet Heemecht an eis Sprooch huet hien, bis zu sänge leschten Deeg, geschwat wéi mir. En as 1963 zu Scy-Chazelles (Moselle) gestuerwen an och do begruewe gin. Lëtzebuerg huet him ee schéint Monument op dem "Rond-Point Robert Schuman" (virun der "Rouder Bréck") opgeriicht.

Mat dem Schumanplang huet Lëtzebuerg um Stolsektor ee wirtschaftleche Boom erliewt wéi ni virdrun. Aus deem armen Agrarland vun 1839 war ee relativ räicht Industrieland gin. Alles ass op

d'"Schmelz" schaffe gaang. An eisen Dierfer huet een Handwierksbetrieb nom aneren opgehalen fir op d'"Schmelz" schaffen ze goen. Op dat richteg war, as eng aner Fro! Eis Industriekapitänen hun un der nationaler Mëllechkou esou laang gestrach bis et net méi gaang as. An de Boomjoren, wéi alles op Héichture gelaaf as, huet keen dru geduecht fir ze moderniséieren. Dat as masség geschitt wéi mer d'Lach am Kapp haten. D'Erwächen an deene mettsiwenzeger Jore war batter. Duerch eng national Solidaritéitsaktioun ass eis Stolindustrie um Liewen erhale gin. Wann ufanks vun deene siwenzeger Joren nach iwwer 21.000 Leit an der Stolindustrie geschafft hun, da sin et der haut nach knapp 10.000. An et ass nach net um Enn! An dobäi gouf keen op d'Strooss gesat.

Lëtzebuerg huet an der Zwëschenzäit eng aner Entwécklung matgemaach. Duerch eng glécklech Politik as Lëtzebuerg zu engem éischtklassegen europäesche Bankenzentrum gin. Doduerch hu mer ee Wuelstand ereecht wéi ni virdrun. Lëtzebuerg ass ee räicht Land gin. Esou räich, datt eis Nopeschlänner eise Räichtum mat engem schafen A kucken. Besonnesch eis grouss Frënn, d'Fransousen hun eng Zäit alles ënnerholl fir Lëtzebuerg als Finanzplaz onméiglech ze man. Wéi geet et virun? Wat fir Chancen hu mer an deem neien Europa? Eise Räichtum ass auslännescht Kapital wat äis net gehéiert. Et ass also kee Nationalräichtum wéi dat z.B. d'Stolindustrie war!

Mir sin eng Déngschtleeschungs-Natioun gin a wa mer wëllen éierlech sin, da musse mer agestoën, dat eise Wuelstand, op laang Sicht gesin op wackelege Féiss steet. Ma kee wëllt dat wouer hun. Eis Fuederungen gin ëmmer méi grouss a méi egoistisch! Och an der Nationalpolitik fillen ëmmer méi Leit sech dozou beruff fir matzeschwetzen! Op ee Projet eng national Noutwendegkeet ass oder net, duerno get net gekuckt. Et as nëmme méi de perséinleche Standpunkt deen zielt, op e richteg ass oder net, dat zielt net méi! As dat nach richteg, wann do ee Mensch aus dem Mierscherdall et fäerdeg bréngt fir jonk Leit, deelweis nach Schoulkanner, esou ze manipuléieren an ze fanatiséieren, datt se an hirem jugendlechen Elan zu honnerten mam Velo an d'Stad fueren fir do géint d'Nordstrooss ze protestéieren (fir nëmme vun deem Beispill ze schwätzen)!? Do hält ee sech de Kapp un an et freet ee sech: Quo vadis Lëtzebuerg?

Et bleiwt nach nozedroën, datt de Generol Patton den 8. Dezember 1945 een Autosaccident hat. Un de Suite vun deem Accident ass hien den 21. Dezember 1945 zu Heidelberg an engem amerikanesche Militärspidol gestuerwen. Säi leschte Wonsch war et fir um amerikanesche Militärkiirfecht zu Hamm begruuewen ze gin. D'Begriefnes war de 24. Dezember 1945 zu Lëtzebuerg. Esou ee militärescht Begriefnes hat Lëtzebuerg nach net gesin. Zenterhir huet de Generol Patton säi Graf virun dausenden vu séngen Zaldoten, déi hir lescht Rou hei zu Lëtzebuerg fonnt hun.

1971 huet d'Regierung am "LIVRE D'OR des victimes luxembourgeoises de la guerre de 1940 à 1945" de Bilan aus deene schreckleche Joere virgeluegt: 4.400 Männer a Fraën sin an de preisesche KZ-ter, Prisongen an an der Déportatioun ëm d'Liewe komm. 1377 Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger waren deemols nach vermësst. Och déi Vermësst koumen ni méi zrëck op Lëtzebuerg. Vun deenen 11.168 Jongen déi an den Aarbechtsdéngscht an an d'Wehrmacht agezu gi waren, sin der 1764 ëm d'Liewe komm, dovunner sin der 163 vun de Preisen erschoss gin. 1971 waren der nach ëmmer 988 vermësst. Si koumen och ni méi ërem. Vun deenen 3.614 Meedercher déi am Aarbechts- oder am "Kriegshilfsdienst" waren, sin der 46 net méi ërem komm. 10 Meedercher hun deemols nach als vermësst gegollen. Wa mer déi all zesammenzielen déi d'Heemecht net méi ërem gesin hun, da sin dat 8.585 Männer a Fraën ouni vun deenen ze schwätzen, déi fréizäiteg hu missen dru gleewen well hir Gesondheet duerch de Krich gelidden hat. Fir ee klengt Land wéi Lëtzebuerg een onwahrscheinlech héiche Bluttzoll. Domat hat Lëtzebuerg sech séng Onofhängegkeet ënnert deene fräie Länner séchergestallt an et krut se och voll a ganz unerkannt. Zenterhir gouf d'Onofhängegkeet vun eisem Land ni méi a Fro gestallt!

Dës Artikelsuite "150 Joër Onofhängegkeet (1839 - 1989) am Kontext vun der dausendjäereger Geschicht vum lëtzebuurger Land" erhielt nët Usproch op Vollstännegkeet. Dem intresséierte Lieser dee sech iwwert déi eng oder déi aner Episod aus der Geschicht vum lëtzebuurger Land méi genee informéiere well, sief recommandéiert an engem vun deene Wierker, déi ënnert dem Kapitel "Bibliographie" opgezielt sin, sech weider ze dokumentéieren.

Bibliographie

P. Biermann :	Geschichte des Mittelalters von Luxemburg aus gesehen
Jos Meyers :	Geschichte Luxemburgs
Hémecht Nr 1 – 1981 :	Iwwert de Kinneck Jhang de Blannen
Tit Schroeder :	De Scheffe vum ale Maart
Ville de Luxembourg :	Luxembourg, histoire d'une ville millénaire (exposition 1963)
René Fisch :	D'Geschicht vum Prëtzerdaul, Baund 1 a Baund 2
Christian Calmes :	Création et formation d'un pays - 1815 à nos jours
Albert Calmes :	Le Grand-Duché de Luxembourg dans la Révolution Belge (1830 - 1839)
Christian Calmes :	1867 - L'Affaire du Luxembourg
Gilbert Trausch :	Le Luxembourg
Gilbert Trausch :	De L'Etat à la Nation
Roger Krieps:	Luxemburger in Amerika
Francois Mersch :	Luxemburg - Seine Dynastie Band 1 u. Band 2
Paul Lafontaine :	Unsere Dynastie
E.T. Melchers :	Kriegsschauplatz Luxemburg, August,1914, Mai 1940
E.T. Melchers :	Bombenangriffe auf Luxemburg in zwei Weltkriegen
Marcel Engel, André Hohengarten:	HINZERT - Das SS-Sonderlager im Hunsrück
Evy Friedrich:	Als Luxemburg entvölkert werden sollte
Marie-Madeleine Schiltges :	Die Umsiedelung in Luxemburg
Vic. Klincker:	120 Refractären ënnert dem Buedem an der Minière "Hondsbesch" zu Nidderkuer
Aimé Knepper :	Les refractaires dans les bunkers
E.T. Melchers :	Luxemburg - Befreiung und Ardennenoffensive
Albert Gricius :	Dorf an der Front
Jos Maertz :	Luxemburg in der Ardennenoffensive
Paul Cerf :	De l'épuration dans le Grand-Duché de Luxembourg après la seconde guerre mondiale
Norbert Quintus :	Biller aus dem Krich
Gilbert Trausch :	Joseph Bech, un homme dans son siècle
Henri Koch-Kent:	Putsch in Luxemburg? Ein Schildbürgerstreich
Willy Bourg, André Muller :	"Eis Garde"

Victor Delcourt:
Ministère de l'Intérieur :

Luxemburg nach dem Kriegssturm
Livre d'or des victimes luxembourgeoises de la guerre de 1940 à
1945

© 2001 Léon Rath